

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 8. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

D'Noriicht, datt d'Ettelbrécker Maternité hir Diere muss temporär zoumaachen, koom fir vill Leit, dorënner och Acteuren, déi an deem Beräich schaffen, ganz iwwerraschend.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Vu wéini un war kloer, datt d'Ettelbrécker Maternité hiren normale Fonctionnement net méi garantéiere kann?
2. Gouf d'Madamm Minister ab deem Moment schonn direkt driwwer informéiert, datt et Problemer ginn, respektiv, wäerte ginn, wat den normale Fonctionnement vun der Ettelbrécker Maternité ugeet?
3. Ass d'Madamm Minister an deem Kontext net der Meenung, datt déi betreffen Acteuren hätte kënne méi fréi reagéieren, fir d'Problemer am Fonctionnement vun der Ettelbrécker Maternité unzeschwätzen an ze reagéieren?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten